I-2019-O-M-5745-01 (3155)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot: Fernand Kartheiser
PL 7534

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2021

4

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt am Kader vun den Auswierkunge vun der Corona-Kris fest, **datt**

- et fir e klengt Land ganz wichteg ass, bei der Versuergung mat wichtege Gidder net nëmme vum Ausland ofhängeg ze si mee och genuch eege Ressourcen a Reserven ze hunn;
- d'Versuergungssécherheet mat verschiddene Produite schonn an deenen éischten Deeg hei zu Lëtzebuerg net méi garantéiert war;
- d'Versuergung mat Pëtrol zwar an der aktueller Kris nach net a Gefor war, awer bei enger Rëtsch Zenarien duerchaus kéint a Gefor geroden;
- d'Erklärunge vun der Regierung an hiren Äntwerten op d'parlamentaresch Froen Nr 3738 vum 29. Mäerz 2018 a Nr 1729 vum 25. Januar 2016 net all Méiglechkeeten a Risiken ofdecken;
- d'Lëtzebuerger Reserven op eegenem Territoire kaum den internationalen Ufuerderunge vun der EU-Kommissioun, der NATO an der Agence Internationale de l'Énergie entspriechen;
- datt Lëtzebuerg am Abléck iwwer 80 Prozent vu sengen theoretesche Reserven am Ausland huet;
- d'Land riskéiert, no 2020 nach vill méi niddreg eegen Tankkapazitéiten ze hunn, well Geneemegunge fir bestoend Lageren viraussiichtlech auslafen;
- déi lues Entwécklung vun de Verkeef vun Autoe mat elektreschem oder hybridem Motor hei am Land net op eng relevant Reduzéierung vum Besoin u Pëtrolsproduiten hiweist;

**ass besuergt, datt**

- eis national Reserve net physesch verfügbar ass, mee an der Hand vu private Firmae läit oder als virtuelle Produit op engem Marché handelbar ass;
- d'Zoustännegkeet fir dës Versuergung virun allem bei private multinationalen Entreprise läit;
- datt déi Reserven, déi d'Regierung ugëtt, zum Deel honnerte vu Kilometer wech gelagert sinn;
- **an engem Krisefall, wou d'Grenze vum Land zou wären oder wou e Streik an engem anere Land oder extrem klimatesch Verhältnesser den Transport géinge blockéieren oder awer wou aner Länner privatwirtschaftlech Reserve géinge requisitionéieren, déi national Pëtrolsreserve sech bannent e puer Deeg als ze kleng erweise géing fir d'Ufuerderunge vum Land ze decken;**

fuerdert d'Regierung op,

- d'Rapporten iwwert déi national Sécherheetsreserve bei Pëtrolsproduiten un d'Europäesch Kommissioun an un d'NATO an deenen hir Reaktiounen dozou der Chamber virzeleeën;
- d'Deputéiert iwwert de Stand vun de Projete vun deenen alen a geplangten neie Pëtrolslager um nationalen Territoire ze informéieren;

- op eisem nationalen Territoire déi néideg Lagerkapazitéiten ze schafe fir genuch vu Produite wéi Bensin, Diesel, Mazout a Kerosin ënnert staatlecher Verantwortung ze lageren, esou datt d'Land am Krisefall 90 Deeg laang ouni Importer kann auskommen.

F. Kartheiser

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg